



ERAN, ERAUS
.. AN ELO?

eran, eraus ... an elo ?
9a boulevard prince Henri
1724 Luxembourg
eran_eraus_an_elo@yahoo.com

Madamm, Monsieur,

mir sinn ee Krees vu Léit déi sech fir d'Justiz a fir de Strofvollzuch hei zu Lëtzebuerg interesséieren.

Den Haaptproblem zu Lëtzebuerg ass sonner Zweiwel déi héich Zuel un Prisonéier : Lëtzebuerg huet 113,60 Prisonéier pro 100.000 Awunner (Däitschland : 77,50 – Frankräich : 103,5 – Belsch : 98 – Holland: 54,4 – Schweden: 56,5).

Leider huet sech un dëser Situatioun an den leschte 7 Joer mat engem Justizministère a grénger Hand näischt geännert.

Mir hunn Angscht, dass des Situatioun sech nach wieder verschlëmmere wäert no der Ouverture vum neie Prisong zu Suessem. Vill aner europäesch Länner hunn schonns laang gemierkt, dass et aner, an zeguer besser Weeër gi, fir d'Kriminalitéit laangfristeg ze beaflossen, mee zu Lëtzebuerg gëtt wieder op eng repressiv Politik gesat.

Beim Strofvollzuch selwer hat de Justizminister Bratz ganzer 5 Joer gebraucht fir d'Gesetzer 626 a 627 anzeféieren, déi schonns vum viregte Justizminister Biltgen fäerdeg ausgeschafft gi waren.

Obwuel des Gesetzer schonns eng Verbesserung a puer Domainer bruecht huet, sinn et an den leschte 7 Jore keng wesentlech Verbesserung beim Strofvollzuch gi – hei kenn een zum Beispill d'Maisons de transition nennen, ee Projet dee fäerdeg um Dësch läit an awer net ëmgesat gëtt.

D'bande dessinée déi mir lech hei matschécke retracéiert all Problemer vun engem Prisonéier am Frankräich – leider sinn d'Problemer zu Lëtzebuerg quasi identesch. Mir wäerten op allen Fall an den nächste Méint periodesch een Thema nom aneren erauspicken an lech wieder Informatiounen zu den sëllege Problemer zoukomme loossen.

Mir hunn decidéiert des Informatiounen net iwwert Mail mee op Pabeier ze verschécke well mir mengen, dass mir esou méi wäerte beweegen.

Mir hunn eng Lëscht vun 49 Leit opgestallt, deene mir an Zukunft dës Informatiounen zoukomme loossen a mir hoffen, dass jiddereen eppes kenn bäidroen fir zu Lëtzebuerg ee moderne Justizapparat an een zäitgeméisse Strofvollzuch ze kréien.

Bescht Gréiss

eran, eraus ... an elo?